N°2842
Entrée le 08.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.09.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. September 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert op déi mëndlech Fro Nr. 290 vun der honorabeler Madamm Deputéiert Diane Adehm iwwer Walkampfaffichë vum deemolege franséische Presidentschaftskandidat Eric Zemmour an der Europaschoul zu Mamer (Séance publique Nr. 32 vum 8. Februar 2022) hat den Här Minister gesot: *"Natierlech kann een iwwer politesch Bildung nëmme gutt eppes maachen, wann een och mat Politiker vun ënnerschiddleche Parteien, an domat awer och wierklech vum ganze Parteiespektrum, an och zesumme mol eppes ka maachen. Dat ass och an de Schoule Politik fir unzepaken, dat ass an de Schoulen och ganz konkret de Schüler gewisen, wat Politiker soen. Dofir wëlle mer och schonn Presenz vu Politiker an de Schoulen hunn, mee natierlech muss et politesch neutral sinn, an et muss equilibréiert sinn, net equilibréiert onbedéngt pro Veranstaltung, mee equilibréiert an der Durée, sou datt do eigentlech och all politesch Couleur méi oder manner zur Geltung kommen an domat och de politesche Spektrum de Schüler kann gewise ginn."*

An deem Zesummenhank hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister eis eng Lëscht presentéiere mat allen Diskussiounsronnen, déi am Schouljoer 2024/25 an de Lëtzebuerger Lycéeën organiséiert goufen, fir de Schüler vun eisem Land ze weisen, *"wat Politiker soen"*? Wa jo: Wéi eng Ministeren an Deputéierter, opgedeelt no Parteien an no Lycéeën, hunn un dësen Diskussiounsronnen deelgeholl, a wéi dacks?
2) Kann den Här Minister opschlësselen, a wéi enge Fäll déi betreffend Politiker vun de Schoulen ageluede goufen an a wéi enge Fäll d'Politiker sech selwer agelueden hunn?
3) Confirméiert den Här Minister seng Ausso vun 2022, datt et grondsätzlech gutt ass, wann d'Politiker "*wierklech vum ganze Parteiespektrum"* an d'Lycéeë ginn an datt bei dësen Diskussiounsronnen *"all politesch Couleur"* gläichwäerteg soll vertruede sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2842 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

1. **Kann den Här Minister eis eng Lëscht presentéiere mat allen Diskussiounsronnen, déi am Schouljoer 2024/25 an de Lëtzebuerger Lycéeën organiséiert goufen, fir de Schüler vun eisem Land ze weisen, *"wat Politiker soen"*? Wa jo: Wéi eng Ministeren an Deputéierter, opgedeelt no Parteien an no Lycéeën, hunn un dësen Diskussiounsronnen deelgeholl, a wéi dacks?**

Den Tablo hei drënner weist d'Diskussiounsronnen an änlech Evenementer mat der Bedeelegung vu Lëtzebuerger Politiker, déi an eise Lycéeën am Schouljoer 2024-2025 organiséiert goufen.

| *Lycée* | *Datum* | *Evenement* | *Participanten* |
|---|---|---|---|
| AL | November 2024 | Conférence-débat / visite classe - L'Europe et l'UE | Charles Goerens |
| | 13.01.25 | EPAS: *Mir sinn dobäi* - Droits humains et droits des animaux - visite classe | Tilly Metz |
| | 17.01.25 | EPAS: *Mir sinn dobäi* - Enjeux politiques européens - visite classe | Marc Angel |
| | févr. 2025 | Conférence-débat / visite classe - Liberté d'expression | Gary Diderich, Tom Weidig |
| | févr. 2025 | Conférence-débat / visite classe - Démocratie | Amela Skenderovic |
| | 28.02.25 | EPAS: *Mir sinn dobäi* - Démocratie, droits de l'homme et crise migratoire - visite classe | Charles Goerens |
| | 05.03.25 | Journée internationale de la femme - conférence-débat | Martine Deprez |
| | 06.03.25 | Conférence-débat / visite classe - Conflit au Moyen-Orient | Gusty Graas |
| | mars 2025 | Conférence-débat / visite classe - Futur de la démocratie | Franz Fayot, Sam Tanson et Corinne Cahen |
| | mars 2025 | Conférence-débat / visite classe - Droits des animaux | Tilly Metz |
| | 22.03.25 | Rencontres européennes du Luxembourg - RELUX 2025 | Claude Meisch |
| | 25.04.25 | LuxMUN Opening ceremony | Elisabeth Margue, Eric Thill |
| | 04.06.25 | Conférence-débat / viste classe : accueil, familles, pauvreté et engagement personnel au Luxembourg | Max Hahn |
| | 30.06.25 | Vernissage de l'exposition de la classe-développement 4C4 avec classes 3E, 3F, 3R et ACCU | Max Hahn, Charles Goerens |
| | printemps 2025 | entretiens via TEAMS entre élèves et hommes politiques pour préparer des exposés | Yuriko Backes, Xavier Bettel, Gilles Roth, Marc Angel |
| ECG | 05.05.25 | Semaine de l'Europe | Charles Goerens |

| | | | |
|---|---|---|---|
| EHTL | 25.04.25 | Visite classes : 2TPTO, 3TPTO, 4TPTO et B1GH1 | Lex Delles |
| EIDE | 17.01.25 | Programme européen EPAS (co-organisé par le Bureau de liaison du Parlement européen pour le Luxembourg) | Isabel Wiseler-Lima |
| | 21.03.25 | Programme européen EPAS<br>(co-organisé par le Zentrum fir Politesch Bildung) | Martine Kemp |
| LAML | 18.11.24 | Diskussiounsronn Welt- an Europapolitik | Jean Asselborn |
| | 15.05.25 | MEP Luxembourg | Luc Frieden, Marc Angel |
| | 16.05.25 | MEP Luxembourg | Tilly Metz |
| | 19.05.25 | EU um Schierm | Charles Goerens, Fernand Kartheiser |
| LBV | 25.04.25 | Table ronde avec les élèves des classes de 2e sur la démocratie et les travaux de la chambre des députés | Claude Wiseler |
| LCD | 20.01.25 | Table ronde : « La mémoire au service de la paix » | Charles Goerens |
| | 07.05.25 | Colloque sur l'actualité européenne | Jean Asselborn |
| LCE | 13.06.25 | remise du certificat EPAS | Isabel Wiseler-Lima |
| | 15.02.25 | entrevue avec des sur la politique européenne | Tilly Metz, Charles Goerens |
| LEM | 21.11.24 | interview dans le cadre d'un concours du ZpB | Max Hahn |
| | 28.11.24 | débat politique - concours du ZpB | Paulette Lenert, Paul Galles, Marc Baum, Sven Clement |
| LESC | 05.05.25 | Célébration de la Jounrée de l'Europe | Isabelle Wiseler-Lima, Tilly Metz |
| LGK | 23.10.24 | Semaine de la démocratie | Claude Meisch |
| LHCE | 25.11.24 | échange avec une classe | Martine Deprez |
| LJBM | 29.04.24 | Table Ronde et Speeddating autour des élections européennes | Djuna Bernard, Alexandra Schoos ainsi que des représentants de tous les autres partis politiques |
| LLIS | 24.10.24 | Beteiligen, Mitbestimmen, Gestalten, Demokratie erleben | Francine Closener, Barbara Agostino, Paul Galles |
| LML | 11.12.24 | Model UN Primary | Jean Asselborn |
| | 14.12.24 | European Parliament Simulation (EPAS) | Jean Asselborn |
| | 12.12.24 | European Parliament Simulation (EPAS) | Luc Frieden |
| | 07.03.25 | Atelier Mega · table ronde avec une classe | Yuriko Backes |
| LRSL | 05.12.24 | Échange et table ronde avec les élèves ayant participé à la COP | Luc Frieden |
| LTA | 11.10.24 | Présentation du LTA à M. le Ministre de l'Environnement | Serge Wilmes |
| | 03.03.25 | Échange avec avec les classes 1TPAG, 2TPAG et DP3AG sur les sujets qui préoccupent les jeunes agriculteurs.trices | Christophe Hansen, Martine Hansen |
| LTC | 17.06.24 | Visite du président de la CHD | Claude Wiseler |
| LTETT | 12.05.25 | Visite Ecole de l'Armée | Yuriko Backes |
| | 05.06.25 | BeeDabei (Luga Event) | Martine Hansen |

| | | | |
|---|---|---|---|
| | 11.06.25 | Table ronde, sujet "Futur de l'Europe" | Melina Fellens (DP), Martine Kemp (CSV), Maurice Schwarz (LSAP), Michel Lemaire (ADR) Stéphanie Empain (Déi Gréng) |
| LTL | 15.05.25 | Table ronde Jugendrot | Alex Rasquin (ADRenalin), Martine Kemp (CSJ), Fabricio Costa (déi jonk gréng), André Marques (déi jonk Lénk), Amela Skenderovic (JDL), Anne Lecuit (Jonke Focus), Michaela Morrisova (JSL), Daniel Silva (Volt Luxembourg), Peter Freitag (Oppositiouns-beweegung Mir d'Vollek), Madalena Valério (Zesummen - d'Bréck) |

2. **Kann den Här Minister opschlësselen, a wéi enge Fäll déi betreffend Politiker vun de Schoulen ageluede goufen an a wéi enge Fäll d'Politiker sech selwer agelueden hunn?**

   Keen externen Intervenant luet sech selwer an eng Schoul an; all Evenement fënnt mam Accord an ënnert der Responsabilitéit vum Direkter oder der Direktesch statt.

3. **Confirméiert den Här Minister seng Ausso vun 2022, datt et grondsätzlech gutt ass, wann d'Politiker *"wierklech vum ganze Parteiespektrum"* an d'Lycéeë ginn an datt bei dësen Diskussiounsronnen *"all politesch Couleur"* gläichwäerteg soll vertruede sinn?**

   Ech confirméieren meng Ausso an ënnersträichen d'Wichtegkeet vun der politescher Bildung – grad an eiser haiteger Zäit. An dësem Kontext wëll ech och un d'Woch vun der Demokratie erënneren, déi vum 27. bis den 31. Oktober an de Lycéeën organiséiert gëtt, dëst a Kollaboratioun mat der Conférence nationale des élèves du Luxembourg (CNEL), dem Jugendrot, dem Zentrum fir politesch Bildung an dem Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS).

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH